

Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell (par M. Claude Meisch), John Schummer et Théo Stendebach.

D'Wuert huet den Här Lucien Weiler fir den Dépôt vun enger Proposition de modification du Règlement.

6. Dépôt d'une proposition de modification du Règlement de la Chambre des Députés

M. Lucien Weiler (CSV). - Här President, ech wëll just eng Proposition de modification vun eisem Règlement déposéieren. Et ass eng Proposition, déi ënnerschriwwen ass vu véier Fraktiounen. Ech hu bis elo mech nach net getraut d'Ënnerschrëft vun der sozialistescher Fraktioun ze froen.

M. Jeannot Krecké (LSAP). - Et ass e schlechte Moment.

M. Lucien Weiler (CSV). - Den Artikel 75 gesäit vir, dass d'Deputéierte kënnen Froen un d'Regierung stellen. Dat ass eng gutt Saach. Mir maache jo räichlech Gebrauch dovun. Ech wollt elo proposéieren deen Artikel ze complétéieren duerch een Alinéa, dass „le nombre de questions par député est limité à une par jour ouvrable“. Dat gëtt der ongeféier 270, déi een am Laf vum Joer ka stellen. Ech hunn nämlech festgestallt, dass an der Period vum 20. November bis den 30. November 39 Questions parlementaires vun den Deputéierte gestallt gi sinn. An därselwechter Period huet den honorabelen Här Mars Di Bartolomeo der 21 gestallt.

(Hilarité)

Wann een dat e bëssen héichrechent a wann d'Deputéierten all esou fläisseg wiere wéi den Här Mars Di Bartolomeo - bei him kéime mer op esou 700 Stéck d'Joer - da kéime mer, d'Deputéierten all zesummen, op eng 40.000 Questions parlementaires. D'Verwaltung wär blockéiert.

Ech fannen, dass dat e wéineg iwwerdriwwen ass, d'autant plus geet et oft ëm sou Saache wéi elo an enger Question parlementaire, dass gefrot gëtt, mer sollten d'Biopatentdirektiv ëmsetzen. Ech hunn awer matkritt, dass déi betreffend Kommissioun sech elo scho während Wochen a Méint ëmdreift, fir déi Direktiv ze verhënnere. Den Här Mars Di Bartolomeo freet, wéini dass mer se endlech ëmsetzen.

Wéi gesot, et wär gutt, wa mer dat géife limitéieren a wann d'sozialistesche Kolleegen d'accord wäeren, da könnte mer déi Proposition esou hei déposéieren.

(Interruptions diverses)

Den Här Bausch huet bestëmmt nach ee Kolleeg, dee se mat ënnerschreift.

- Proposition 4882 de modification du Règlement de la Chambre des Députés.

M. le Président. - D'Chamber hält Akt vum Dépôt vun där Proposition de modification vum Règlement. Se gëtt op den Ordre du jour vun der nächster Conférence des Présidents gesat an déi befënnt dann driwwer.

Mir kommen zur Diskussioun vum Projet de loi 4622 iwwert d'Sécherheet an d'Gesondheet op der Aarbechtsplaz. D'Wuert huet de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Nico Loes.

(M. Niki Bettendorf prend la Présidence)

7. Projet de loi 4622 modifiant la loi du 17 juin 1994 concernant la sécurité et la santé des travailleurs au travail, telle que modifiée par la loi du 6 mars 1998

Rapport de la Commission du Travail et de l'Emploi

M. Nico Loes (CSV), rapporteur. - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Sécherheet an d'Gesondheet op der Aarbechtsplaz ass een Thema, dat ni un Aktualitéit wäert verléieren. Keng legislativ Verbesserung an dësem Beräich ass ze vill. Den Enjeu ass dofir ze grouss. D'AarbechtsAccidenter a folglech d'Promotioun vun der Sécherheet op der Aarbechtsplaz hu ganz einfach e beträchtleche wirtschaftlechen a sozialen Impakt.

Esou geet aus dem leschte järeleche Rapport vun der Inspection du Travail et des Mines ervir, dass et 1998 hei zu Lëtzebuerg 23.306 AarbechtsAccidenter goufen. 1999 waren et der 24.540.

Mäi Fraktiounskolleeg Jean-Marie Halsdorf hat schonn am Kader vum Gesetzesprojet 4418, dee viru kuerzer Zäit hei gestëmmt ginn ass an dee sech op d'Organisatioun vun de Gesondheitsdéngschter bezitt, drop higewisen, dass d'Aarbechtsounfall iwwer 20 Milliarde pro Joer ausmaachen. Dës Käschte gi souwuel vun de betraffene Leit wéi vun de Patronen, den Assurancen a schliesslech vun eiser nationaler Wirtschaft gedroen.

Wann ee bedenkt, dass ëmmer méi héich entwéckelt Techniken an de Betriber agefouert ginn, dass den Aarbechtsrhythmus ënnert dem Leeschtungsdruck sech ëmmer méi beschleunegt, an dass dëst eng Erausforderung fir deen Einzelnen duerstellt, ass et eis Pflicht, d'Sécherheet an d'Gesondheet op der Aarbechtsplaz ze garantéieren, an dat och duerch en optimale legislative Kader.

An dësem Kontext begréissen ech de Projet de loi, dee mer haut zur Ofstëmmung virleien hunn, deen d'Gesetz vum 17. Juni 1994 iwwert d'Sécherheet an

d'Gesondheet op der Aarbechtsplaz modifizéiert an deementspreechend verbessert.

Ier ech op den Objet an d'Haaptpunkte vun dem Gesetzesprojet ze schwätze kommen, wëllt ech e kuerzen Historique maachen.

D'Gesetz vum 17. Juni 1994 hat als Objet, eng europäesch Direktiv vum 12. Juni 1989 an d'nationaalt Recht ëmzesetzen. Dës Direktiv huet eng Rei vu Verflichtunge virgesinn, déi sech souwuel un d'Employeure wéi och un d'Aarbechter gerichtet hunn a fir déi all Memberstate sech asetze missten, fir dass se respektéiert géif ginn. Dëst Gesetz gouf eng éischte Kéier 1998 ëmgeännert.

Nodeem d'Gesetz a Kraaft getrueden ass, huet d'europäesch Kommissioun d'Meenung geäussert, datt net all Dispositiounen vun der Direktiv ëmgesat gi wieren an huet Lëtzebuerg opgefuerdert seng Législatioun an deem Sënn ëmzeännern, wat mir och gemaach hunn. De Gesetzesprojet 4304 huet nieft verschiddene Verännerungen textueller Natur zwee nei Artikelen beigefügt, den Artikel 8 bis an den Artikel 8ter. Dës Artikelen hunn nei Obligatiounen fir d'Patronen festgehalen, wéi zum Beispill d'Verpflichtung hir Mataarbechter am Kader vun der Sécherheet op der Aarbechtsplaz ze informéieren an ze consultéieren. Dës Verpflichtung gëllt fir all Patronen, och fir déi, déi manner wéi 15 Mataarbechter beschäftegen. D'Gesetz vum 8. März 1998 war eng weider Etapp fir d'Sécherheet an d'Gesondheet vun den Aarbechter ze garantéieren. Deen aktuelle Gesetzesprojet, dee mer haut virleien hunn, geet an déi selwecht Richtung.

De Projet 4622, deen hei virläit, regelt den Zougang zu zwee nei Beruffer op dem Gebitt vun der Sécherheet an der Gesondheet op der Aarbechtsplaz: Dee vun dem Coordinateur während der Auserbechtung vum Projet an dee vun dem Coordinateur während der Verwierklechung vum Projet.

Erlaabt mer eng kleng Parenthèse. Eng europäesch Direktiv vum 24. Juni 1992, déi als Objet d'Verbesserung vun den Aarbechtskonditiounen, ënner anerem duerch d'Beseitigung vun de Risikofactoren, op deene mobilen an zäitweilige Chantieren huet, huet zwou nei Funktiounen, an zwar déi vum Koordinator op dem Gebitt vum der Gesondheet a vun der Sécherheet, geschaf. Dës Direktiv gouf duerch e Règlement grand-ducal vum 4. November 1994 an eist Nationalrecht ëmgesat an huet domat déi zwou Funktiounen an eis Législatioun agefouert. D'Règlement huet awer d'Fro vum Zougang oder vun der Qualifikatioun opgeléist.

Den 11. Juni 1996 ass e Règlementsprojet an der Chamber déposéiert ginn, mam Zil de Règlement vum

4. November 1994 ëmzeännern. De Projet sollt esouwuel d'Kritären an d'Konditiounen fir den Zougang zu deene betreffende Koordinatiounsfunktiounen wéi och de Kompetenzkader festhalen. De Statsrot koom zur Konklusioun, dass de Projet de règlement sech net géif op eng einfach Funktioun bezéien, mä dass hei en nei Beruff viséiert wier. Et kéint een net den Accès zu engem Beruff iwwert de Wee vun engem Règlement regelen, dofir bräicht een e Gesetz. De Konklusioun vum Statsrot si Rechnung gedroe ginn an de Projet de loi, deen haut zur Diskussioun steet, huet ënner anerem den Objet, den Accès zu verschiddenen nei Beruffer am Kader vun der Sécherheet an der Gesondheet ze reglementéieren.

Weiderhi gesäit de Gesetzesprojet 4622 d'Formatiounsrecht vir vun all deenen Acteuren, déi mat der Sécherheet op der Aarbechtsplaz ze dinn hunn, an net nëmmen d'Sécherheitsdelegéierten.

De Projet schaaft domadder eng legal Basis fir all déi Reglementer, déi d'Modalitéiten an d'Kritären vun der Qualifikatioun, der Formatioun an de Kompetenzen vun deene verschiddenen Acteuren festhalen. Déi legal Verankerung vun engem Formatiounsrecht wäerten ech an och d'Kommissioun als e weidere Schratt an d'Richtung vu méi Sécherheet op der Aarbechtsplaz. D'Chambre des Employés privés, déi dës Modifikatioun staark begreift, huet an hirem Avis vum 22. Februar drop higewisen, dass d'Auteurs vum Projet de loi mat dëser Modifikatioun d'Wichtigkeet vun deenen am Zesammenhang mat der Sécherheet stoende Missiounen ënnerstrach hätten. Ech schléisse mech dësem Kommentar un a wëll dës Weidere bemerken, dass dës Missiounen am Interesse vun der ganzer Entreprise exekutéiert kënne ginn.

Ier ech zum Commentaire des articles kommen, e Wuert iwwert d'Virgeschicht vun dësem Gesetzesprojet an d'Avis vum deene verschiddene Beruffschambren.

(Interruption)

Wat glift, Här Lux? O, ech si fäerdeg ier de Fussball ugeet, Här Lux.

De Projet de loi ass de 5. Januar 2000 vum Aarbechtsminister François Biltgen an der Chamber deponéiert ginn. A senger Sitzung vum 29. März 2000 huet d'Kommissioun mech als Rapporteur designéiert. De Projet de loi ass vun deene verschiddene Beruffschambren aviséiert ginn. Wéi scho gesot begreift d'Chambre des Employés privés an hirem Avis vum 22. Februar de Fait, dass endlech per Gesetz e Formatiounsrecht fir all Aarbechter, dee mat der Sécherheet an der Gesondheet op der Aarbechtsplaz ze dinn huet, festgehalen gëtt. D'Chambre de Commerce an d'Chambre des Métiers plädéieren hirersäits an hirem gemeinsamen Avis vum 14. Abrëll fir eng gréisser

Flexibilitéit an der Ëmsetzung vu verschiddene Bestëmmungen. Hei soll och dem Partikularinteresse vun deenen eenzelne Betriber Rechnung gedroe ginn. Den 30. Mee 2001 huet d'Kommissioun déi eenzel Dispositiounen vum Gesetzestext an den Avis vum Statsrot analyséiert. Am Laf vun der selwechter Réunioun huet d'Kommissioun de Projet op verschiddene Punkten amendéiert. Dorophin huet de Statsrot en zweeten Avis ofginn. D'Regierung huet hirersäits den 18. September 2001 de Paragraph 6 ënnert dem Punkt 2, Artikel 2 vum Projet de loi ëmgeännert. D'Kommissioun huet dës Amendementer an hirer Réunioun vum 20. September 2001 ënnersicht. Dës Amendementer sinn erëm eng Kéier an engem drëtten Avis vum Conseil d'Etat den 8. November 2001 aviséiert ginn. Den definitiven Text ass da vun der Kommissioun den 22. November festgehalten an de schréftleche Rapport vun der selwechter Kommissioun den 29. November, no e puer kleng redaktionelle Verbesserungen, à l'unanimité adoptéiert ginn.

Dir gesitt, dass et e ganz techesche Projet ass an de Statsrot huet och dofir a sengem Avis vum 15. Februar virgeschloen amplaz d'Modifikatiounen ënnert engem eenzegem Artikel ze regroupéieren, dësse Projet an zwee ze deelen an deementspreechend zwou Dispositiounen virzegesinn. Den Artikel 1 vum Projet de loi huet als Objet den aktuellen Artikel 3 vum Gesetz vum 17. Juni 1994 ze ergänzen. Wéi ech schonn ugedeit hunn, reglementéiert de virleiende Projet den Zougang zu zwee neie Beruffer op dem Gebitt vun der Sécherheet an der Gesondheet op der Aarbechtsplaz. Dat ass och den Objet vum Artikel 1 an do bleift och nach ze bemierken, datt an dësem éischten Artikel eng drëtt Definitioun festgehale gëtt, an zwar déi vum Risikoposten - dem Poste à risque. Eng Bemierkung zu dëser Notioun: An der initialer Versioun vum Projet de loi war Rieds vum Sécherheitsposten - dem Poste de sécurité. D'Auteurs vum Projet de loi hate sech um Gesetz vum 17. Juni 1994 iwwert d'Gesondheitsdénkschter inspiréiert an d'Notioun vum Sécherheitsposten mat an dësem Gesetz iwwerholl. Well awer dës Notioun am Kader vum Projet de loi 4418, dat viru 14 Deeg gestëmmt gouf, duerch „Risikoposten“ ersat ginn ass, ass de Statsrot der Meenung, et misst een dës Notioun och am Kader vum virleiende Projet mat eranhuelen. Amplaz de Risikoposten extra am Gesetz ze definéieren, proposéiert de Statsrot dofir, dass dee virleidenden Text op d'Definitioun vum Risikoposten am Artikel 17 vum Gesetz vum 17. Juni 1994 op d'Gesondheitsdénkschter verweise soll. D'Kommissioun stëmmt dësen Iwwerleeungen zou an hält och d'Textännerungen un. Den Artikel 2 vum Projet de loi ännert op verschiddene Punkten - et sinn der am Ganze fënnef - den aktuellen Artikel 9 vum Gesetz vum 1994.

A senger ursprüngelecher Fassung sollt de Paragraph 3 vum Artikel 9 net ëmgeännert ginn. Am Zesammenhang mat deem heite Projet de loi an deene verschiddenen Exekutiounsreglementer, déi nach musse geholl ginn, vertritt de Statsrot d'Meenung, dass een och dësse Paragraph misst ëmänneren an nieft der Formation de base vun den Sécherheitsdelegéierten och nach eng Remise à niveau périodique virgesinn, dat heescht eng Weiterbildung. Nëmmen duerch periodesch zousätzlech Formatiounen sinn d'Sécherheitsdelegéierte hire wichtegen Aufgabe gewuess a kënne fir d'Sécherheet op der Aarbechtsplaz garantéieren.

De Punkt 2 betrëfft d'Formatiounsrecht vun all deenen anere wichtegen Acteuren op dësem Gebitt. Nieft de Sécherheitsdelegéierte sollen an Zukunft och déi designéiert Aarbechter, d'Aarbechter, déi op engem Risikoposte beschäftegt sinn, an d'Coordinateuren, e Recht op eng Formatioun hunn. A senger éischter Versioun huet den Text fir all dës Aarbechter just e Recht op eng Formation de base festgehalten. D'Kommissioun huet déi vum Statsrot proposéierten Ofännerungen ugeholl. Nom neien Text hunn all Acteuren, déi am Beräich vun der Sécherheet beschäftegt sinn, Recht op eng periodesch Remise à niveau.

Ech maachen elo nach zwou Bemierkungen zum Text. Den Text vum neie Paragraph 5, deen sech op d'Aarbechter, déi op engem Risikoposte beschäftegt sinn, bezitt, ass vun der Kommissioun vum Statsrot iwwerholl ginn, mat engem klengen Ënnerschied: D'Kommissioun war nämlech der Meenung, dass d'Definitioun vum Statsrot vun engem Risikoposten an dësem Kader ze generell wier. Si huet erënnert, dass d'Auteurs vum Projet de loi virhaten, just déi Aarbechter, déi enger Beschäftigung noginn, déi e Risiko fir hir Mataarbechter oder Drëttleit duerstellen, enger Formatiounsflucht ze ënnerwerfen. Déi Aarbechter, déi op Grond vun hirem Posten e Risiko fir sech selwer duerstellen, brauche keng spezifesch Formatioun. Déi generell Informatiouns- a Formatiounsflucht, deenen d'Patronen ënnerleien, bidden dësen Aarbechter e korrekten Schutz.

Den neie Paragraph 6 ass bäi wäitem deen, deen am meeschte fir Diskussione gesuergt huet. De Statsrot huet a sengem Avis vum 15. Mee 2001 dësse Paragraph frëschgeschriwwen. Dësen Text ass mat e puer Amendementer vun der Kommissioun ugeholl ginn. Wann d'Kommissioun mat dem Statsrot averstane war fir vun de Coordinateuren ze verlaangen, dass si missten en Agrément virweisen - Agrément, dee fir hir Qualifikatioun an Experienz steet -, sou ass d'Kommissioun awer der Meenung gewiescht, dass déi Leit, déi sech op esou Poste mellen, duerch e Certificat bewiese mussen, dass si eng spezifesch Formatioun am

Kader vun hire Koordinatiounsaktivitéiten absolvéiert hunn. De Statsrot deelt dës Meenung net. A sengem Avis vum 3. Juli 2001 huet de Statsrot sech géint dës Konditiounen ausgeschwat. D'Coordinateure wieren - sou huet hie gemengt - jo schliesslech Professioneller, déi iwwer eng Experienz vu mindestens dräi bis fënnef Joer verfueg missten, sou dass dës Fuerderung net gerechtfertegt wier. D'Regierung huet zum Deel de Bemierkunge vum Statsrot an der parlamentarescher Kommissioun Rechnung gedroen an huet den 18. September 2001 eng nei Versioun vum Paragraph 6 déposiert. Dës amendéiert Versioun ass vun der Kommissioun trotz engem negativen Avis vum Statsrot ugeholl ginn.

D'Hauptinnovatioun vun dëser Versioun läit an der Bezeechnung vun de verschiddenen Interventiouns-niveaue vun de Coordinateuren. Den Agrément, deem d'Coordinateure virzeweisen hunn, muss d'Koordinatiounsaktivitéite spezifizéieren, déi ausgeübt ginn. Et ass och preziséiert ginn, dass den Agrément ënner anerem deene Leit zougestallt gëtt, déi en Ingenieursdiplom en Génie civil hunn. D'Coordinateuren müssen och eng professionell Erfahrung vu mindestens dräi bis fënnef Joer, je no Aktivitéit, virweisen; hei berëfft d'Regierung sech op déi franséisch Législatioun.

D'Formatiounsflucht, déi d'Kommissioun proposéiert hat, bleift erhalen. Et ginn also dräi Konditiounen, déi erfëllt musse ginn, fir de Beruff vum Coordinateur auszeüben: Et muss een éischtens en Diplom als Architekt oder Ingénieur en génie civil oder zumindest e Brevet de maîtrise an engem Bauberuff hunn, zweetens ass eng professionell Erfahrung gefuerdert an drëttens muss een och eng spezifesch Formatioun hunn. Déi dräi Konditiounen si kumulativ ze erfëllen.

Wat déi aner Punkten ugeet, ass ze bemierken, dass d'Kommissioun mat der Proposition vum Statsrot averstane ass, keng agréiert Formatiounsorganismen anzeféieren. D'Kommissioun huet awer dorop higewisen, dass d'Formatiounen weiderhi vu professionellen Organisatiounen ugebuede solle ginn. Op kee Fall soll den Aarbechtsministère op dësem Niveau intervenéieren. Wuelverstane kënne Zertifikaen vum Aarbechtsminister ausgestallt ginn. De Projet de loi preziséiert och nach, dass d'Formatiounskäschten net vun den Aarbechter gedroe gi müssen an dass d'Formatioun och während der Aarbechtszäit ugebuede gi kann.

Den Artikel 4 ergänzt den Artikel 9 vum Gesetz vum 17. Juni 1994, an deem hien en neie Paragraph virgesäit iwwert d'Coordinateuren, déi hire Beruff als Indépendant ausüben. De Statsrot huet sech a sengem zousätzlechen Avis positiv zu dëser Ergänzung ausgeschwat. Et sollt een awer am Text preziséieren,

dass déi betreffend Leit eng Autorisation d'établissement ufroe missten. D'Kommissioun approvüiert déi vum Statsrot virgeluegte redaktionell Ännerungen.

De Punkt 5 gesäit vir, dass d'Modalitéite fir d'Bewëllegung vum Agrément via Règlement grand-ducal musse festgehale ginn an dës Punkt gouf vun der Kommissioun am Avis vum Statsrot iwwerholl.

Dëst Gesetz reit sech ënner anerem dem Gesetz iwwert d'Gesondheitsdëngschter an, dat viru kuerzem gestëmmt ginn ass. Et gëtt eng ganz Rei vu legislativen Texter, déi sech mat der Sécherheet an der Gesondheet op der Aarbechtsplaz beschäftegen. All dës Gesetzer a Reglementer maachen de legislative Kader aus an deem d'Aarbechtsrecht evoluéiert, en Aarbechtsrecht, dat ëmmer méi d'Wuelbehagen op der Aarbechtsplaz ustriift, an dëst ass och d'Hauptfinalitéit an d'Ennzel vun dem virleiende Projet. Aus dësem Grond war et och net schwéier, fir an der Aarbechtskommissioun de Projet de loi esou wéi en hei virleit unanimement unzehuelen an ech géif am Numm vun der Aarbechtskommissioun d'Chamber bidden dës Projet unzehuelen.

Ech wollt op dëser Plaz de Kollege vun der Kommissioun a speziell dem Sekretär Martin Bisenius merci soen, well et jo e ganz technesche Problem ass. Ech géif och d'Zoustëmmung vu menger Fraktioun bréngen an lech merci soe fir Är Opmierksamkeet.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Lucien Lux agedroen. Den Här Lux huet d'Wuert.

Discussion générale

M. Lucien Lux (LSAP).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, léif Kollegen, dës Projet géif een effektiv tentéieren, fir nach eng Kéier ausschweifend iwwert d'Problematik an d'Brisanz vum Thema vun dem Schutz...

(Interruption)

Da waart. Här Halsdorf, maacht dach lues!

Ech hu gesot et wär een tentéiert, nach eng Kéier op déi Gesamtproblematik anzegoen, mä vu que dass mer dat, Här Rippinger, viru 14 Deeg am Zesammenhang mat dem Projet iwwert d'Services de santé, wou mer jo a sech wëlles haten déi zwee Projeten och mateneen ze diskutéieren, mä dat war aus anere Grënn net méiglech, géif ech dorop verzichten. Ech géif op dat verweisen, wat mer och am Februar bei der Interpellatioun haten. Déi gutt Motiounen, déi deemools deponéiert gi sinn, sollte mer nach eng Kéier kucken an eis da bewosst ginn, dass et effektiv noutwendeg ass den Instrumentarium net nëmmen ze verbessern, mä virun allem och fir déi gutt juristesche Basis vun deenen

eenzelnen Instrumenter ze suergen. Dëse Projet féiert jo dozou, dass mer eng Rei vu Saache clarifiéieren, fir dass se och an der Praxis dobaussen deementspreechend kënne genotzt ginn.

Ech wëllt dofir soen, Här Rippinger, dass eist Vertrauen an de Kolleg Nico Loes esou grouss an d'Noutwendegkeet vun deem, wat mer hei maachen, esou onëmstéisslech ass, a säi Bericht esou explicite an esou excellent war, datt ech just nach d'Zoustëmmung vun eiser Fraktioun wëll bréngen.

Merci.

M. le Président.- Als nächsten Diskussionsriedner ass den Här Niki Bettendorf agedroen. Den Här Bettendorf huet d'Wuert.

M. Niki Bettendorf (DP).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'alleréischte wëll ech dem Här Rapporteur merci soe fir säin excellente schrëftlechen a mëndleche Rapport, mat deem hien eis haut dëse Projet virgestallt huet.

Dëse Projet ass wichteg. Et geet ëm d'Verhënnerung vun den Accidenter op der Aarbecht. Déi si laang net esou rar wéi een dat ka mengen, sou sinn an de leschte Joren zu Lëtzebuerg op der Schaff an der Moyenne 20.000 Onfall pro Joer geschitt. Zéng Leit hunn am Duerchschnitt, pro Joer, hiert Liewe gelooss. Wéivill Leed a Misär an de Familljen all eenzelt Accident no sech zitt ass schwéier nozevollzéien, bis et een selwer trëfft. An dobäi ass all Onfall, oder bal Onfall, e „presque accident“, keng Fatalitéit, wéi allgemeng ugeholl gëtt.

Wat bei ons dofir am Land muss verbessert ginn, dat ass och d'Ursaacheforschung, och Ursaacheforschung bei Accidenter déi nëmme bal geschitt waren, an do happert et ganz bestëmmt hei bei eis.

Verschidden auslännesch a besonnesch amerikanesch Firmen, och déi, déi bei eis hei am Land täteg sinn, hunn dat schonns laang erkannt an hunn och excellent Resultater op deem Gebitt opzeweisen. Ech kann e Beispill opzielen, wou an enger Firma ënnert oder iwwert all Spigel steet: „Cet homme est responsable de votre sécurité.“ An da kuckt een an de Spigel an da gesäit ee sech selwer am Spigel. Firwat ass dat? Well einfach hei drop higewise gëtt op déi perséinlech Responsabilitéit, op déi ëmmer rëm op en neits muss higewise ginn.

Aner Firmen awer, déi ginn zum Beispill hire Leit e Cadeau, an och ganz oft, wann am Grupp e Joer laang ouni Accident geschafft ginn ass, gi se hinnen e Safety dinner, en lesse well se sou gutt an engem Joer ouni Accident geschafft hunn. An ech muss lech soen, dass ganz oft esou een lesse mat Gedrénks, mat Kaffi,

Quetsch, Zigar kann déitlech sinn, wann herno net fir eng sécher Heemrees gesuergt ginn ass.

(Interruption)

Vläicht net um Zigar, héchstens wann deen am Auto op de Schouss fält, da kënnt et och zum Accident kommen, mä de Quetsch, mengen ech, ass dofir méi geféierlech.

Zu Lëtzebuerg huet de Gesetzgeber eng relativ rezent, an dofir awer och komplett a prezis Reglementatioun iwwert d'Sécherheet an d'Gesondheet vun den Aarbechter ausgeschafft. Dat Gesetz gouf '94 gestëmmt, '98 fir d'éischt ofgeännert an den heitege Projet, dee complétiert nach eng Kéier dat Gesetz vu '94 respektiv '98.

Ech mengen, ech wollt agoen op déi eenzel Punkten, déi opgezielt gi sinn; déi zwee nei Beruffer, op där enger Säit de Koordinator op der Schaff an op där anerer Säit de Koordinator vun der Sécherheet während der Realisatioun op engem Chantier, mä well den Här Loes dat esou explizit gemaach huet mengen ech kënnt ech mer dat haut och spueren a bräicht net méi an den Detail anzegoen.

(Brouhaha général)

Mer müssen awer wëssen, dass d'Sécherheet hire Präis huet, an dat wëll ech nach zum Schluss ernimmen: Mer müsse wëssen, dass an engem Joer hei zu Lëtzebuerg...

(Coups de cloche de la Présidence)

...300.000 Schaffdeeg duerch Aarbechtsongefäll verluer ginn. D'Inspection du Travail et des Mines schätzt, dass en industriellen Aarbechtsongefall am Duerchschnitt eng Millioun Lëtzebuerger Frang kascht.

Also, mengen ech, ass et ganz däitlech, dass mer dës genau a prezis Gesetzgebung brauchen; dass et richtig ass, dass mer op dës Wee ginn an dass mer och weiderhi müssen oppassen, dass déi Eskalatioun vun Aarbechtsaccidenter net nach weider zouhëlt, mä dass se ofhëlt, an ech mengen, dat misst de Sënn an den Zweck vun dëser Gesetzgebung sinn.

Ech wëll lech och vun dëser Plaz aus d'Zoustëmmung vun der demokratescher Partei, vun eiser Fraktioun, bréngen. Ech soen lech merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Als nächsten Diskussionsriedner ass den Här Fernand Greisen agedroen. Den Här Greisen huet d'Wuert.

M. Fernand Greisen (ADR).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll fir d'éischt all deene merci soen, déi un deem Gesetz matgeschafft hunn an

och gläich den Accord vu menger Fraktioun fir de Projet hei ginn.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Fernand Greisen (ADR).- Et ass awer nach net eriwwer!

De Rapporteur huet de Sënn an den Zweck vum Gesetz hei am Detail erkläert an en huet och op déi vill Accidenter higewisen, déi missten a kënnent verhënnert ginn.

Ech wëll hei trotzdem op déi dräi wichteg Persounen fir d'Sécherheet op der Aarbecht zréckkommen. Et ass dat fir d'éischt den Travailleur désigné, dat ass dee Mann, dee vum Patron d'Responsabilitéit fir d'Sécherheet kritt, wann de Patron dat, an enger grousser Firma zum Beispill, net selwer maache kann.

En zweeten ass den Délégué à la sécurité, dat ass de Personalvertreider, zoustänneg fir Sécherheet.

Déi drëtt Persoun ass de Sécherheetscoordinateur, deen op de Chantiere virgesinn ass. Mir wëssen, dass dës Persoun, als Spezialist fir de Bau a Sécherheet, ee vun den dräi Glidder an enger Sécherheetsketten ass, déi, wéi all Ketten, nëmmen hält, wa se ganz ass. Domat huet hien eng wichteg Missioun fir d'Sécherheet ze maachen. Och wann de Patron nämlech fir säi Betrib um Chantier dat méiglechst mécht fir d'Sécherheet an d'Gesondheet vu sengem Leit, an dobäi vu sengem zoustännegen Personalvertreider gutt ënnerstëtzt gëtt, sou geet dat net duer. Wa keen do ass, deen zum Beispill sécherstellt, dass d'Aarbechte vun enger Firma net Mataarbechter vun enger anerer Firma a Gefor bréngen; oder fir dofir ze suergen, dass um Chantier déi noutwendeg Sécherheetsrichtungen do sinn; dass bei Bau, sou wéi bei Terminer, keng onnéideg Risikoen ageplangt goufen.

De Règlement grand-ducal, deen e puer Méint no deem éischte Gesetz vum 17. Juni '94 geholl ginn ass, konnt dat Lach net stoppen, wat nach opbliwwen ass, well de Beruff vum Coordinateur net richteg definéiert gi war.

Et ass schonn hei gesot ginn, déi éischt Modifikatioun vum Gesetz vun 1994 huet de 6. Mäerz 1998 verbessert Informatioun, Consultatioun a Bedeelegung vun de Mataarbechter agefouert. Dës zweet Modifikatioun elo, déi féiert fir d'éischt an definéiert méi genau de Coordinateur sécurité et santé fir de Chantier. Festgehale gëtt donieft och Recht op Fortbildung um Gebitt vun der Sécherheet fir Leit op geféierleche Posten, fir de Personalvertreider a fir de Responsable vum Betrib.

Mäi Kolleg, den Här Aly Jaerling, huet an der Kommissioun drop higewisen, wéi wichteg d'Ausbildung

an d'Fortbildung vun dësem Leit ass. Dës Funktioun dierf kee Poste de complaisance sinn. Dës Leit sinn déi wichtegst Partner vum Coordinateur um Chantier.

Weiderhin soll agefouert ginn, dass de Coordinateur eng Zouloossung vun der Gewerbeinspektioun muss kréien a wat fir eng Viraussetzungen dës Persoun muss erfëllen, och um Gebitt vun der Nidderloossungs-ermächtigung, wa se sech selbstänneg mécht.

Weider gëtt definéiert, dass an engem Règlement grand-ducal noutwendeg Detailler festgeluegt ginn, wéi zum Beispill d'Konditiounen vum Beruff, Zougank zum Beruff, Autorisation, Agrément, an esou weider. Diplomer gi festgeluegt, esou gutt wéi d'Ausbildung an d'Weiderbildung, fir déi verschidden Aktivitéiten maachen ze kënnen.

Dir Dammen an Dir Hären, dat ass schonn hei gesot ginn, mä och fir den ADR ass et dat wichtegst Gesetz, an nach méi wichteg sinn dës Ännerungen am Sënn vun der Sécherheet. Positiv ass och déi allgemeng Zoustëmmung an der Kommissioun an och vun de Berufschamberen.

Den ADR stëmmt also dësen Projet, mir hunn awer eng Rei vu Bedenken a gesinn en etlech Problemer. Ech wär dofir frou, wann den zoustännegen Minister eis e puer Froen beäntweren kënn, respektiv Präzisierungen gi kënn zu verschiddene Punkten.

Fir d'éischt awer eng Kritik, déi sech d'Politiker vun der Majoritéit, där heiteger an där vun der virechter Regierung, musse gefale loossen: Et huet ze laang gedauert. Sait fënnf Joer doktert d'Regierung un dësen Reglementer, fir d'Gesetz vum 17. Juni '94 brauchbar ze maachen. An der Tëschenzäit ass allze oft d'Qualitéit vun de Leeschtungen um Chantier gefall, well seriös Kritiken gefeelt hunn. Onqualifizéiert Leit hu mat der Sécherheet gespillt, si hunn héichqualifizéierten an engagéierten Coordinateuren eng onméiglech Konkurrenz geschaf. Oft sinn duerch esou onqualifizéiert Leit Accidenter net verhënnert ginn, oft sinn d'Käschten vu gemeinsame Sécherheetsrichtungen um Chantier verdeiert amplaz verbëllegt ginn. An net zulescht ass, duerch e puer mannerwäerteg Leeschtungen, d'Usinn, an domat d'Akzeptanz vum Coordinateur gefall.

Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll elo e puer Froen un den zoustännegen Aarbechtsminister stellen, vläicht kann seng Vertreiderin hei aus der Regierung mer dorobber Äntwerte ginn.

En éischt Problem ass, dass am Projet steet, Artikel 1, oder deen neien Artikel 3, dass de Bauhär enger Personne physique muss den Opdrag ginn, fir d'Koordinatioun um Bau auszuféieren. Lo gëtt et awer Ingenieurbüroen, Bureaux d'étude, déi ausgebildete

Fachleit, Ingenieure beschäftigen, Gesellschaften also, déi net Personne physique sinn, wéi dat am Gesetz steet. Streng gesi kënnen also dës Gesellschaften keng Koordinatioun méi maachen. Et misst jo awer jiddferengem kloer sinn, dass de Bauhär och mat dëse Gesellschaften e Vertrag ofschléisse kënnt, ënnert der Bedingung, dass eng Persoun do agestellt ass, déi d'Qualificatioun erfëllt.

Meng éischt Fro also: Kënnt Dir eis bestätegen, dass mat dësem Projet och Ingenieurfirmen an Zukunft e Kontrakt fir d'Koordinatioun mam Bauhär maache kënnen?

En zweete Problem: De Projet gesäit vir, am Artikel 2, oder neien Artikel 9, fir den Accès dem Ingenieur aus dem Génie civil ze limitéieren. Madame Minister, och wann et richteg ass den Ingenieur aus der Fachrichtung Informatik zum Beispill net zouzeloossen, och wa mir verstinn, dass den Ingenieur aus der Fachrichtung Atomphysik zum Beispill Äre Beamten ze vill ëmständlech um Bau virkënnt, sou kënne mer dach net agesinn, dass ënner anerem den Diplom aus de Baubranchen, zum Beispill Ingénieur génie technique, net kënnt zougelooss ginn. Mir huelen also un, dass hei e Mëssverständnis virlooch, an et brauch een och kee Schrëftgeléierten ze si fir rauszefanne wou dat hierkënnt. Génie civil gouf sengerzäit als Contrepartie zum Génie militaire definéiert, gemengt war Ingenieurwiesen, an dat hat näischt mat Arméi ze dinn.

Eng zweet Fro: Kënnt Dir eis präzisieren, dass mat dësem Ausdrock den Ingenieur gemengt ass, en Ingenieur aus de Métiers de la construction, esou wéi et och beim Meeschterdiplom geduecht ass? Well soss gëtt eng grouss Zuel vun heitegen, gutt ausgebildene Fachleit, Coordinateuren, Client bei lech, mä déi Kéier als Chômeur.

En drëttes Problem am selwechten Artikel gesi mer doran, dass, niewent dem Ingenieur an dem Meeschter, den Diplom vum Techniker net ernimmt gëtt. Den Techniker huet awer an der Hierarchie tëschent Meeschter an Ingenieur eng wichteg Funktioun ze erfëllen a mir mengen, dësen Diplom misst och opgefouert sinn.

Déi drëtt Fro ass déi hei: Kënnt Dir eis versécheren, dass den ausgebildeten Techniker zum Beruff Coordinateur zougelooss gëtt a soen, wat fir Bedéngungen a Leeschtungen hien um Bau kann erfëllen?

E véierte Problem ass deen hei: Dat ass am Artikel 2, deen neien Artikel 8, wou steet - an dat begrësse mer ausdrécklech -, dass de Coordinateur sech selbstänneg maache kann an ënnert d'Nidderloosungsgesetz vum 28. Dezember 1988 fält. Do stellt sech awer d'Fro, ob

dat Gesetz net misst geännert ginn, fir dësen neie Beruff materan ze kréien. Et kann dach net sinn, dass de Coordinateur ënnert d'Spart vum Händler fält.

Meng véiert Fro ass also déi hei: Wat mécht d'Regierung, fir dass de Coordinateur sech ënnert deem heitege Gesetz selbstänneg maache kann, oder gëtt d'Gesetz kuerzfristeg geännert?

E weidere Problem féiert mech zur fënnefter Fro an dat betrëfft RGD. An der Fonction publique behandelt en aner Gesetz d'Sécherheet an d'Gesondheet um Bau. Problemer stelle sech an der Praxis ëmmer erëm bei Chantieren, déi ënnert der Regie oder fir d'Fonction publique gemaach ginn. De Risiko fir Gesondheet a Sécherheet vun de Bedeelegten ass awer a béide Fäll ëmmer deeselwechten. Firwat also zwee verschidde Gesetzzer?

Kënnt Dir eis kloer an däitlech bestätegen, dass de Bauhär Stat oder Gemeng ënnert deeneselwechte Bedéngungen e Coordinateur muss engagéieren, wéi all déi aner privat Bauhären?

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, zum Schluss kommen ech zu den Ausféierungsbestëmmungen, dem Règlement grand-ducal 4618, mat deem d'Sécherheitsregele fir d'Chantiere präzis definéiert ginn.

Den ADR huet uganks dëses Joers verlaangt, a sengem Brëif vum 24. Januar, dass déi zoustänneg Kommissioun „Travail et Emploi“ nach misst mam Règlement befaasst ginn. Dësen Appel wëll ech hei widderhuelen an nach eng Kéier den Här oder d'Madame Minister froen, fir de Projet zesumme mat der zoustänneger Kommissioun ze diskutieren.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll soen, dass ech aus Zäitgrënn net op déi zwee aner Règlements grand-ducaux wëll agoen, a merci soe fir d'Nolauschteren an hoffen, dass d'Madame Minister mer déi Froen hei oder spéider ka beäntweren.

M. le Président.- Den Här Berichtstatter Loes freet d'Wuert.

M. Nico Loes (CSV), rapporteur.- Här President, ech wollt just eng Opklärung ginn zu deem wat den Här Greisen elo gefrot huet. Et sinn eng ganz Partie Froen gestallt ginn, déi ech de Mëtteg vum Ordre des Architectes um véirel op zwielef iwwe e Fax matgedeelt krut. Do kënnt een och soen, „wer zu spät kommt, den bestraft das Leben“, well mer dee Rapport jo schonn ofgeschloss haten an der Kommissioun. Ech hunn och mam Vertrieeder vum Ordre des Architectes ofgemaach, dass, wann elo d'Règlements grand-ducaux zu dësem Projet geholl ginn, mer da vläicht an der Kommissioun nach eng Kéier driwwer schwätzen, well deen een oder anere

Problem nach opsteet, fir dann doriwwer méi Kloeerheet ze kréien.

Ech mengen, d'Madame Familljeminister, déi haut hei ass, wier vläicht schlecht placéiert, fir op all déi prezis Froen eng Äntwert ze ginn. Dofir géif ech verweisen op dat, wat ech de Mëtteg mam Ordre des Architectes ofgemaach hunn, dass mer dat bei de Reglementer nach eng Kéier an der Kommissioun diskutéieren.

M. le Président.- D'Wuert huet den Här François Bausch.

M. François Bausch (DÉI GRÉNG).- Här President, ech wollt dem Rapporteur merci soen, fir säin ausféierleche Rapport a soen, dass eis Fraktioun dëse Projet wäert stëmmen.

M. le Président.- Als leschten Diskussiounsriedner ass den Här Aloyse Bisdorff agedroen. Den Här Bisdorff huet d'Wuert.

M. Aloyse Bisdorff (déi Lénk).- Här President, ech maachen et och ganz kuerz, obschonn dat hei e wichtegt Gesetz ass iwwert d'Gesondheet op der Aarbechtsplaz an och iwwert d'Verhënnerung vun Aarbechtsonfäll.

Et bezitt sech haaptsächlech op d'Bauwirtschaft a mir wëssen, dass an der Bauwirtschaft jo awer d'Zuel vun den Onfäll net déi geréngsten ass, esou dass et wichteg ass, nach e ganze Koup vu Spezifikatiounen ze ginn, déi offensichtlech nach net an dësem Gesetzestext waren an déi eréischt an den Ausféierungsbestëmmunge musse kommen.

Déi Froen, déi hei opgeworf gi si vum Här Greisen, weisen drop hin, dass dat alles nach net esou kloer ass. Dofir géing ech wënschen, dass dat an deenen Ausféierungsbestëmmunge géing festgehal ginn.

Dat gesot, sinn ech natierlech mat dësem Gesetzprojet d'accord, genau esou wéi mer och schonn an der Kommissioun de Bericht gestëmmt hunn.

M. le Président.- A Verriedung vum verhënnerten Här Aarbechtsminister François Biltgen, deen, wéi mer wëssen, krank ass, hält d'Madame Marie-Josée Jacobs Stellung zum virleiede Projet. D'Madame Jacobs huet d'Wuert.

Mme Marie-Josée Jacobs, Ministre de la Famille, de la Solidarité sociale et de la Jeunesse.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech si frou d'Éier ze hunn, den Här Biltgen kënne ze verrieden. Den Här Biltgen huet mer och gesot, dass e frou wier, dass d'Chamber a senger Abwesenheet awer dëse Projet haut géing stëmmen an dass mer eis nom Vote géingen a Konformitéit setzen a probéieren, déi Aarbechte méi sécher ze maachen.

Ech géing virun allem wëllen dem honorablen Här Nico Loes villmools merci soen, well deen excellente Rapport, deen hien hei gemaach huet, dozou gefouert huet, dass jidderee vun eis konnt vill méi kuerz sinn an ech wäert dat och sinn. Alles ass hei am leschten Detail explizéiert ginn, esou dass et sech wierklech eriwweert, fir erëm op dee ganze Projet anzegoen.

Ech wëll just soen zu de Froen, déi den Här Greisen gestallt huet, dass déi selbstverständlech dem Aarbechtsminister iwwermëttelt ginn a wann ech dat richteg verstanen hunn, kënnt e jo souwisou nach eng Kéier an eng Kommissioun, esou dass ech denken, dass dat do am Detail ka gemaach ginn, mat där Sachkenntnis, déi erfuerdert ass, wéi elo aus dem Stegreif dorop ze äntwerten.

Mir wëssen awer - an den Här Bettendorf huet dorop higewisen - wivill Aarbechtsgdeeg all Joer verluer ginn duerch Aarbechtsaccidenter. Niewent deem sinn et selbstverständlech awer och de Misär fir d'Leit an all déi gesondheetlech Schied, déi doduerch bleiwen, déi, denken ech, awer vill méi wichteg si wéi deen ekonomesche Facteur, deen net ze ënnerschätzen ass.

Ëmmer erëm gesi mer, dass nei Schwierigkeeten dobäi kommen. Haut wor den Dag géint de Stress an de Mobbing an och dat gehéiert zu deenen neie Krankheeten, déi op der Aarbechtsplaz entstinn, esou dass ech denken, dass et ëmmer méi Berechtigung gëtt fir duerno ze kucken, well, wéi gesot, et dozou féiert, dass d'Leit net sollen op d'Aarbecht goe fir krank ze ginn, mä dass mer alles musse maachen, fir dass ee seng Aarbecht uerdentlech ka maachen, ouni och nach musse gesondheetlech Schied dovunzedroen.

An deem Sënn, Dir Dammen an Dir Hären, soen ech lech merci fir Är Opmierksamkeit a virun allem och fir de positive Vote vun dësem Gesetz.

M. le Président.- D'Diskussioun ass ofgeschloss a mir kommen zur Lecture vun den Artikelen vum Projet de loi 4622 a stëmmen driwwer of.

Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz).

D'Artikelen 1 an 2 si gelies an ugehall.

Mir stëmmen elo of iwwert de Projet de loi.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Déi fir de Projet si stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder enthale sech.

De Projet de loi ass eestëmmeg mat 60 Stëmmen ugehall.

Ont voté oui: MM. Willy Bourg, Lucien Clement, Marcel Glesener (par M. Jean-Marie Halsdorf), Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes (par M. Gusty Graas), Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par M. Xavier Bettel), Alexandre Krieps, Claude Meisch (par M. John Schummer), Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell (par M. Alexandre Krieps), John Schummer et Théo Stendebach;

MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo (par M. Ben Fayot), Mme Lydie Err (par Mme Mady Delvaux-Stehres), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Jean-Pierre Klein), MM. Jos Scheuer (par M. Alex Bodry), Georges Wohlfart (par M. Jean Asselborn) et Marc Zanussi (par M. Jeannot Krecké);

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener (par M. Robert Garcia);

M. Aloyse Bisdorff.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou décidéiert.

Den Här Gast Gibéryen huet am Numm vun der ADR-Fraktioun eng Aktualitéitsstonn iwwert d'Chargés de cours ugefrot. Mam Averständnis vum Här Ben Fayot gëtt seng Motioun iwwert d'Chargés de cours, déi en de 15. November déposiert hat, am Kader vun där Aktualitéitsstonn an engems behandelt.

D'Riedezäit as nom Artikel 78 vum Chamberreglement festgehalten, dat virgesäit, datt der Fraktioun, déi d'Aktualitéitsstonn ugefrot huet, zéng Minutten zoustinn, deenen anere Fraktiounen jeeweils fënnef Minutten, de Sensibilités politiques zwou Minutten an der Regierung eng Véirelsstonn.

Et si bis elo ageschriwwen déi Häre Sunnen, Fayot, d'Madame Durdu, déi Häre Garcia a Bisdorff.

D'Wuert huet den Här Jacques-Yves Henckes als Verrieder vun der Fraktioun vum ADR.

8. Heure d'actualité demandée par le groupe ADR sur le problème des chargés de cours au sein de l'éducation nationale

Motion de M. Ben Fayot relative aux chargés de cours

M. Jacques-Yves Henckes (ADR).- Här President Dir Dammen an Dir Hären. An enger Aktualitéitsdebatt wéi haut sti mir nuren zéng Minutten zur Verfügung, fir de Problem vun de Chargés de cours virzedroen. Esou gesäit onst Reglement et vir. Ech hat dofir eng Interpellatioun ugefrot, déi mir, mä och deenen anere Fraktiounen an der Regierung, vill méi Zäit ginn hätt, fir de Problem ze diskutéieren.

Mä d'Regierung wollt de Problem net am Fong diskutéieren. Dofir huet d'Erzéiungsministerin, d'Madame Brasseur, dem DP-Fraktiounschef, dem Här Rippinger, den Uerder ginn, meng Interpellatioun net unzehuelen. An den Innenminister, den Här Wolter, huet dem CSV-Fraktiounschef an deemselwechte Sënn Uerder ginn.

Ech hu mech haaptsächlech beim Här Rippinger driwwer gewonnert, datt hie sech esou erëmkommandéiere léisst, well hie jo am Stater Gemengerot als Stater Schäfte sech staark gemaach hat, fir eng Regulariséierung vun de Chargés de cours. Mir schéngt et, wéi wann den DP-Schäfte Rippinger op dem Wee tëschent dem Knuedler an dem Krautmaart net eens gi wier mam DP-Fraktiounschef Rippinger an doduerch déi Interpellatioun net ugeholl ginn ass.

Nodeem ons Interpellatioun net ugeholl gouf, hu mir dës Aktualitéitsdebatt ugefrot. Normalerweis hätt déi Aktualitéitsdebatt misste viru 14 Deeg stattfannen. Mä du goufe mir gewuer, datt d'Regierung sech nach keng Gedanke gemaach hätt.

(Interruptions diverses)

Ech mengen, et sinn e puer politesch Wourechtchen, déi musse gesot ginn hei an där Debatt an Dir héiert déi net gären. An da kënnt den Hummer, well, wéi mer dunn esou laang gewaart haten, do huet dat erstauntent Lëtzebuerger Vollek héieren, datt onsen éierewäerten Här Statsminister um leschte Pressebriefing vum Regierungsrot gesot huet, datt hien ëmmer bedauert hätt, datt d'Chargés de cours aarbechtsrechtlech géinge benodeelegt ginn, datt se géingen ongerecht behandelt ginn an datt hien ëmmer dofir agetratt wier, fir de Problem ze léisen an datt hien esouguer Verbesserungse virgeschloen